Gudde Moien

Dir sidd ageschriwwen fir eng Formatioun am CIS Mamer.

Mir wëllen iech hei e puer Infoen zu ärem Openthalt an deem CIS mat op de Wee ginn.

**Iessen :**
Ab 7:30 stinn am Hall um R+1, Kaffi, Waasser an Mëtschen zur Verfügung.
D'Mëttegiessen gëtt op d'Plaz geliwwert an et gëtt am Instruktiounssall giess.

Sollt dir eng Intoleranz hunn oder dir braucht en anere Menu (vegetaresch oder vegan), soll dir kuerzfristeg eng email dem Service Hotellerie vum INFS (hotellerie@cgdis.lu,) maachen.

Folgend Infoen musst dir uginn:

| | |
|---|---|
| Bezeechnung vum Cours: | z.b. *22-25-FIS I.2* |
| Datum vum Cours: | z.b. *18 an 19 Dezember 2023* |
| CIS wou de Cours ass: | *CIS* |
| Är Intoleranzen: | är aktuell Intoleranzen |

Ob dir e vegetaresch oder e vegane Menu wëllt bestellen

**Parking fir ären Auto :**
De Parking vum CIS MAMER steet zur Verfügung. D'Parkplazen "Permanences" sinn de Memberen vun CIS virbehalen an däerfen net benotzt ginn.



**Uerdnung am CIS :**

**Am CIS** besteet eng schwaarz/wäiss Trennung an den CIS ass a 4 Zonen agedeelt:

Propper: Openthaltsraim, Instruktiounsraim, Büroen, ganzen R+1
Hei gëtt d'F1-Tenue mat den Tagesdienstschuhe oder **propper** Asazbottinen gedroe.
Hei ass d'Asazkleedung (Feier-Helm, -Jackett, -Box , -Stiwwelen an –Händschen, SAP Jackett) net erlaabt.

Knaschteg awer nët contaminéiert Garagen INCSA
Hei sollen Asazbottinen gedroen ginn.
D'Asazkleedung (Feier-Helm, -Jackett, -Box , -Stiwwelen an –Händschen) kann hei ugedoe a gedroe ginn.
No den praktesche Coursen, sollen déi knaschteg Asazbottinen bei der Schongwäsch propper gemaach ginn. Déi Schongwäsch fann dir an deenen 2 INCSA-Garagen.

Contaminéiert mat biologeschen Arbechtsstoffer: Garagen RTW
Hei hu dir keen Zougang

Contaminéiert mat toxeschen Stoffer: Garage INCSA 1

**Kleeder :**

Wärend den theoretesche Coursen ass d'F1-Tenue mat den Tagesdienstschuhe ze droen.
Wann dir ukommt kritt dir eng Plaz zougewisen, wou dir är Asazkleedung (Feier-Helm, -Jackett, -Box , -Stiwwelen an -Händschen) kennt ofleeën an un- an aus doen.
D'Asazkleedung ass nëmmen wärend de praktesche Coursen ze droen.

Openthalt am CIS nom Cours :
Am CIS halen mir eis just an den Raim op, déi fir dës Formatioun zur Verfügung stinn.
Nom Cours kennt dir iech net méi am CIS ophalen. Et ass och net méiglech Nuets am CIS ze schlofen.

**Weider Froen :**
Fir weider Informatiounen kennt dir iech un de zonale Chef de Service Formation wenden:
Jean-François Bricher
Tel. +35249771 3031
zone-centre-formation@cgdis.lu